Jacques Santer, échevin du 1.1.1976 au 19.7.1979

Emile Schaus, échevin du 14.8.1958 au 2.3.1959

Gaston Thorn, échevin du 7.10.1961 au 31.12.1963

Fernand Zurn, échevin du 1.1.1964 au 31.12.1969

E memorablen Owend

Eigentlech huet dës Geschicht nëmmen indirekt eppes mat ménger Fonktioun als Scheffen vun der Stad ze don. Mä d'Märei as direkt dra verwékkelt. D'Märei as Ausgangspunkt vun där eemoleger Aventür, déi mir eleng passéire konnt. Et war am Joer 1974, dat Joer, wou d'CSV bei de Parlamentswahlen eng älle Schlapp erlidden hat. Dat Joer wou méng Partei fir d'éischte Kier an d'Oppositioun huet misse goen.

Et wor nët liicht, déi Défaite ze verquëssen. Enges Owens, am September 1974, as d'Parteispëtz a méngem Büro an der Märei zesumme komm, fir iwwert d'Konsequenzen vun deem Walausgang ze diskutéiren. Wat do vun denen eenzelnen erfirbruecht gouf, as nët sou wichteg, an duerfiir as dat jo och geheim. Mä de Fazit wor, dat ech als Parteipräsident de Bockel hu missen duerhalen a mäin Amt hu missen oofléen.

Ouni wëllen schwaarzen Humor ze maachen, muss ech agestoen, et war fir mech e schwaarzen Daag. Et war zwar eréischt September, mä ech war an enger richteger Allerséilestëmmung.

Wéi mir géint aacht Auer owes d'Märei verlooss hun, du gesi mir de Knuedler voller Autoë stoen. A néirens méi eng Parkplaz. Ech wor nët mat mengem Auto do, mä e Kolleg hat mëch matbruecht a sollt mëch och erëm matheem huelen. Wéi mir bei séngem Auto ukomm sin, kënnt hannerun eis eng schwéier Mercedes, hällt stall, d'Fënster geet erof, an eng Madämmchen rift eis zou: „Hee, Monsieur, gët déi Plaz do fräi?"

Et wor eng flott Madame, mat enger schwaarzer Pelzejackett. „Gewëss Madame", seet mäi Kolleg, „eis Plaz gët fräi". A firwëtzech wéi hie war, freet hien: „Mä wat as da nëmmen den Owend lass, datt keng Parkplaz méi ze fannen as?" D'Madämmchen spëtzt de roude Mëndchen an zwitschert mat engem staarken Stater Accent: „t'as wéint dem Mosar". Mei Kolleg versicht hiren Accent nozemaachen: „Wéint dem Mosar?" – „Jo, wéint dem Mosar séngem Requiem".

Bafteg! E Gléck, datt d'Madämmchen mëch nët erkannt hat. Am Auto sot ech zu mengem Kolleg: „Dat do as awer de Combel, elo feieren se schons mäin Ooftrieden, ir et iwerhaapt bekannt as. Et as tatsächlech, wéi d'Sprëchwuert seet: „Wann een d'Leed huet, brauch ee fir de Spott nët ze suergen".

Iwert dem Fueren versicht mäi Kolleg mëch ze tréischten: „Komm, mir gin elo a mäi Bistro a spullen ët erof".

Wéi mir beim drëtten Humpen ukomm sin, weist mäi Kolleg op eemol op eng Plakat niewent dem Comptoir. Hie kritt e Laachkrämpchen, an ech liesen: „Grand Concert à la Cathédrale. Requiem de Wolfgang Amadeus Mozart".

Nic Mosar